

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13. Mäerz 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.

Esou wuel d'Awunner, ewéi och d'Autofuerer sinn zanter laangem onzefridde mat der Verkéierssituatioun ronderëm d'Barrière bei der Dippecher Gare. Dës ass pro Stonn bis zu 40 Minutten zou, esou datt deementspreechend d'Belaaschtung duerch de Kaméidi, ewéi och duerch den Zäitverloscht grouss ass. D'ADR proposéiert an deem Kontext, eng provisoresh Bréck iwwert d'Eisebunn zu Dippech opzeriichten, fir esou de Verkéier ze entlaaschten.

An deem Kontext wéilt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte gär folgend Froe stellen:

1. Ass d'Regierung wëlles, déi Iddi vun enger provisoresher Bréck iwwer d'Eisebunn zu Dippech-Gare ze studéieren an der Chamber doriwwer Rapport ze maachen?
2. Wa jo, a wéi engem zäitleche Kader ka mat der Ëmsetzung vun dësem Projet gerechent ginn?
3. Wann nee, wat fir Mesurë proposéiert den Här Mobilitéitsminister, fir dës onglécklech Situatioun esou schnell wéi méiglech ze behiewen?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser  
Deputéierten